

6. 7975 – Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services

Den drëtte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Sitzung ass de Projet de loi 7975, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwer Fuerderungen a puncto Accessibilitéit fir d'Produkten an d'Servicer. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An och hei ass de Rapporteur den honorabelen Här Max Hahn.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Villmools merci, Här President. An Europa liewen de Moment méi wéi 80 Milliounen Mënsche mat enger Behënnerung, also ee Sechstel vun der gesamter Populatioun. Vu dass d'Liewenserwaardung vun der Bevëlkerung ëmmer méi klëmmt, ass et gutt méiglech, dass den Undeel vu Leit mat enger Behënnerung an Zukunft nach weider an d'Luucht geet, an domat och d'Demande fir accessible Produiten a Servicer.

An de leschte Jore gouf op internationalem Niveau scho vill ënnerholl, fir d'Chancengerechtkeet an Autonomie vu behënnerter Leit ze stäerken. D'Aféierung vun engem Recht op Accessibilitéit am Kader vun der UNO-Konventioun iwwert d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung huet dobäi de Grondstee fir eng méi inklusiv Gesellschaft geluecht. Mëttlerweil hu sämtlech EU-Länner dës Konventioun adoptéiert a garantéiere soumat de fräien Zougang op ëffentlech Servicer an Ekipementer fir Persounen mat enger Behënnerung.

Och zu Lëtzebuerg hu mir eis dozou verpflichtet, bestoend Barriären a Limiten fir behënnerter Leit aus dem Wee ze schafen. D'Regierung huet an dëser Legislatur eng Rëtsch Mesuren ëmgesat, fir Persounen mat Handicap an hirem Alldag ze ënnerstëtzen. An dës Efforte wäerten och an Zukunft weidergefouert ginn. Schliesslech soll all Mënsch aktiv un eiser Gesellschaft kënnen deelhuelen a säi Liewe fräi an onofhängeg no sengen eegene Wënschen kënne gestalten.

2019 hu mir d'Assistance à l'inclusion dans l'emploi geschaaft, ee Programm, mat deem mir d'Integratioun um Aarbechtsmarché a virun allem och de Maintien dans l'emploi vu Persounen mat enger Behënnerung stäerken. Engersäits hëllef mir behënnerter Leit doduerch, eng Aarbechtsplaz ze fannen oder hir Aarbechtsplaz ze behalen. Anerersäits incitéiere mir och d'Patrone mat dësem Programm, fir méi Leit mat Handicap anzustellen.

De 7. Januar 2022 hu mir e Gesetz gestëmmt, mat deem mir eenheetlech Krittäre fir e behënnerterge-rechten Accès zu Gebaier fixéiert hunn: méi breet Dieren a Lifter, Rollstullrampen, speziell Toiletten. Dat alles si Beispiller, mat deene mir Leit mat enger Behënnerung e méi fräit an onofhängegt Liewen erméigleche wëllen.

Mat dësem Gesetzestext mussen an Zukunft all d'Geschäfter, d'Dokteschcabineten an d'ëffentlech Gebaier fir behënnerter Leit fräi zougänglech sinn. Och d'Parties communes vun Appartementer mussen fir jiddereneen accessible sinn. Sämtlech Konstruktiounen, déi ab dem 1. Juli vun dësem Joer nei gebaut ginn, mussen déi nei Krittären erfëllen. Bei bestoende Gebaier dogéint hunn d'Leit zéng Joer laang Zäit, fir déi néideg Amenagementen ze maachen, falls dat och materielle-méiglech ass.

Hei dernieft wëll ech och nach eemol drun erënneren, dass d'Stad Lëtzebuerg den Access City Award gewonnen huet, e Präis, mat deem d'EU-Kommissioun eis Stad fir hir grouss Efforten am Beräich vun der Accessibilitéit gelueft huet. An och d'EU-Kommissärin

Helena Dalli huet bei hirem Visitt d'lescht Joer constatéiert, dass mir zu Lëtzebuerg eng ganz behënnerterfrëndlech Atmosphär geschaaft hunn.

Trotz deene villen Efforten, déi schonn op nationalem an internationalem Niveau ëmgesat goufen, gëtt et awer leider nach ëmmer eng ganz Partie Barriären, un deene sech behënnerter Leit am Alldag stoussen. Och wann d'Stied an den Transport lues a lues méi accessible ginn, sou besteet bei der Offer vun accessible Produiten a Servicer nach Loft no uenen.

Am Gespréich mat de Betriber stellt sech da schnell eraus, dass d'Penurie vun dëser Offer net op technesch oder wirtschaftlech Facteuren zrëckzeféieren ass, mee vill méi op legal Divergenzen tëscht den EU-Memberlänner. Den Ament gëtt et nämlech grouss Ënnerscheeder, wat d'Ufuerderungen an d'Accessibilitéit vu Produiten a Servicer an der EU betrëfft. Dës huet als Konsequenz, dass déi meescht Betriber sech reng op hiren Heemechtsmarché konzentréieren, anstatt hir Wuereen a Servicer och am Ausland unzébiden. Schliesslech misste si soss hir Offer fir all Land un déi jeeweileg Reegelen vun dësem Land adaptéieren, wat mat héijen Zousazkäschte verbonne wier.

Fir dësem Problem entgéintzewierken, huet d'EU-Parlament 2019 eng Direktiv mat eenheetleche Krittäre fir accessible Produiten a Servicer ausgeschafft. D'Direktiv 2019/882 schafft en harmoniséierte Gesetzeskader, deen den Entrepreneuren eng besser Planungs- a Rechtssécherheet erméiglecht an doduerch d'Venten vun accessible Produiten a Servicer innerhalb vun der EU vereinfacht. Den europäeschen Text erlaabt de Memberlänner also, méi gezielt op d'Besoinen vu Leit mat enger Behënnerung anzegoen.

An engem éischte Punkt definéiert d'Direktiv allgemeng d'Krittäre fir den Design an d'Fonctionnalitéit vun accessible Produiten. D'Hiersteller ginn ausserdeem obligéiert, wichteg Informatiounen iwwer hir Produiten op eng behënnerterfrëndlech Manéier ze affichéieren respektiv den Accès dorobber ze garantéieren.

An engem zweete Punkt wëllt d'Direktiv Persounen mat enger Behënnerung den Accès op alldieeglechen an essenziell Déngschtleeschungen vereinfachen. Deemo sollen d'Bankautomaten an Zukunft Instruktiounen per Audiomessage ubidden, fir dass och blann Persounen ouni Problem kënne Suen ophiewen.

De virleiende Gesetzestext huet als Zil, dës Direktiv an nationaalt Recht ëmzesetzen. Op där enger Säit profitéieren eis Betriber vun engem harmoniséierte Gesetzeskader beim Export an Import vu Produiten a Servicer, déi den europäeschen Accessibilitéitsregelungen ënnerstinn. An op där anerer Säit stärke mir d'Recht op Accessibilitéit fir behënnerter Persounen.

Ech wëll allerdéngs betounen, dass net just Leit mat enger geeschteger oder körperlecher Behënnerung vun dësem Projet de loi profitéieren, mee och Mënschen, déi aner funktionell Aschränkungen hunn, wéi beispillsweis eeler Leit.

Nieft der Transpositioun vun der Direktiv gesäit dës Gesetzesprojet nach e weidere wichtege Punkt vir, nämlech d'Kreatioun vum Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services. Dës Administratioun soll an Zukunft als zentral Ulaflaz fir sämtlech Froen iwwert d'Recht op Accessibilitéit funktionéieren.

Wat déi eenzel Avisen ugeet, sou verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech géif Iech, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Merci soe fir d'Nolauschteren a ginn och heimat schonn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Max Hahn villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Georges Mischo.

Discussion générale

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Stand 2022 liewen, wéi den Här Hahn gesot huet, 87 Milliounen Mënsche mat enger Form vu Behënnerung an der Europäescher Unioun, also eng Persoun op véier. Och d'demografesch Alterung bedeit, dass den Undeel vun de Leit, déi mat enger Behënnerung konfrontéiert sinn, an d'Luucht geet. D'Tranche vun den iwwer 65-Järegeen an der EU wäert schätzungsweis tëscht 2019 an 2050 vun 90,5 op 129,8 Milliounen eropgoen.

Esou Entwécklungen wäerten déif Implikatiounen hunn, net nëmme fir Einzelpersounen, mee och fir Regierungen, fir Entrepreneuren an d'Zivillgesellschaft. D'Responsabilitéit läit hei bei de Regierungen.

Et ass méi wéi evident an noutwendeg, en Ëmfeld ze schafen, wou d'Produiten an d'Servicer méi accessible sinn, mam Zil, sozial Spaltungen an eiser Gesellschaft ze eliminéieren an illegitim Grenzen duerchlässeg ze maachen. Inklusivitéit ass d'Leetwärt. Et gëtt keen „normal“: All Mënsch ass ënnerschiddlech an all Mënsch huet d'Recht, en Deel dovun ze sinn an och matzestëmme, wéi eis Gesellschaft soll gestalt sinn!

Jo, mir brauchen eng méi inklusiv Gesellschaft, déi d'Autonomie vun all de Mënsche garantéiert an erliichtert, och an zemoos vun deenen, déi körperlech, mental, intellektuell a sensorieel Aschränkungen hunn. Als EU-Bierger profitéieren och dës Mënsche vum Droit à l'accessibilité, fir an deem Sënn onofhängeg ze liewen an onageschränkt an allen Aspekter vum Liewen deelehuelen.

Leider gi Persounen mat enger Behënnerung nach ze dacks mat Accessibilitéitsproblemer bei hiren alldieeglechen Aktivitéiten konfrontéiert. Wat vill vun eis fir selbstverständlech huelen, ass fir vill Leit mat enger Behënnerung alles anescht wéi eng Selbstverständlechkeet. D'Ophiewe vu Suen, d'Bedéngungen vu Ticketsautomaten an Checkinmaschinen, d'Liese vun digitale Bicher, d'Shoppen am Internet, d'Consultéieren vu Bürosfichieren, d'Liese vun elektronische Reesticketen, d'Wouerhuele vun Informatiounen, déi per audiovisuell Medien ausgestraalt ginn, d'Liese vu Produktsinformatiounen si Banalitéiten a Routine, iwwert déi vill Leit emol net mussen nodenken. D'Lescht kéint nach vill méi laang sinn.

Fir Mënsche mat engem Handicap si se eng alldieegleche Erausforderung. De Schwéierpunkt läit hei op Barriären, déi déi Betreffen drun hënneren, Handlungen an Aktiounen am Alldag auszeféieren. Jo, dës Leit sinn an hirem Deelhuelen um gesellschaftleche Liewen ageschränkt, wa si Déngschtleeschungen, Objeten a Géigestänn net bedéngen, erkennen oder notze kënnen. Den Alldag ass nach ëmmer voller Hindernisser.

Obwuel d'Theema Accessibilitéit vun Designer, Entwéckler a Betriber an deene leschte Joren ëmmer méi Opmerksamkeet kritt huet, si vill Produiten an Déngschtleeschungen nach ëmmer net barriärfrei. Wat natierlech mat sech bréngt, dass et fir Mënsche mat Behënnerung schwéier ass oder heiansdo souguer onméiglech ass, dës Produiten a Servicer ze notzen.

Bis dato huet eng legal Basis gefeelt, déi eng Harmoniséierung an der EU mat sech bréngt, déi gemeinsamen Exigenzen imposéiert, wat d'Accessibilitéit ugeet,

fir den Design vum engem Produit oder Service, mee och de User Interface an och d'Fonctionnalité. Fir e puer Beispiller ze nennen: Sou soll op enger Internetsäit e Service d'assistance disponibel sinn, och sollen an automatesche Bankguichete Kopfhörer fir Mënschen zur Verfügung stoen, déi Siichtproblemer hunn, fir dass se mat Audioinstruktiounen weidergeholfen kréien.

Bis elo ënnerscheede sech d'Accessibilitéitsufferungen, déi d'EU-Memberstaaten op nationalem Niveau fixéiert hunn, souwuel wat hiren Ëmfang wéi och hire Grad vun der Präzisioun ugeet. Dës Divergenzen decouragéiert besonnesch eenzel Fachleit, PMEen a Mikroentreprisen, fir sech ausserhalb vun hiren nationale Mäert an der EU ze engagéieren. Dës Divergenzen hunn an deem Sënn en negativen Impakt op d'Kompetitivitéit an de Wuesstum.

Engersäits wäerten d'Betribler et méi einfach fannen, mat anere Länner an der EU ze handelen a sécherstellen, dass si hir Produiten a Services esou an der EU verkafe kënnen. Op där anerer Säit profitéieren d'Clienten vun enger méi breeder a sozial inklusiver Offer zu méi kompetitive Präisser. Kuerz gesot: An deem Sënn profitéieren eis Entreprisen an eis Consommateuren.

Et ass d'Responsabilitéit vun eis all, fir déi gëeegent Moossnamen ze huelen an esou ze assuréieren, dass d'Mënsche mat enger Behënnerung gläichberechtigt sinn, andeems den Accès zu all Produit a Service, déi fir d'Effentlechkeet zougänglech sinn, och fir si garantéiert ass.

Et ass eng gutt Initiativ vun der Europäescher Kommission, mat dëser Direktiv d'Memberstaaten ze encouragéieren, méi Engagementer an dësem Beräich ze huelen an an deem Sënn dat anzehalen, woufir si sech engagéiert hu mat der Convention relative aux droits des personnes handicapées.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit mat enger Behënnerung sinn an hirer Selbstbestimmung duerch d'Ëmweltdéngunge limitéiert. Hir Sozialisierung gëtt dovu bestëmmt, awéifern hiert Ëmfeld inklusiv gestalt ass.

Här President, an deem Sënn stëmme mir als CSV dësse Projet natierlech mat an ech soen dem Rapporteur nach eng Kéier e grouesse Merci fir säi gudde Schrëftlechen a mëndleche Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mischo. An d'Wuert geet wider un déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Ech hat jo gesot: „Bis herno“ – hei sinn ech!

(Hilarité)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann Der an der leschter Zäit emol an engem modernen, neie Gebai waart an do wollt zum Beispill bei en Dokter oder bei e Kiné goen, dann hutt Der do an der Entrée vläicht e Mënsch gesinn, esou ee wéi mech, deen do stoung an net wousst, wou e sollt schellen, fir an dat Gebai eran. Amplaz vu Schellen – also sou Knäppercher, wou een drop dréckt an da mécht een d'Dier op – war do esou ee klengen Ecran an ech hu versicht erauszefannen, wéi ech do da géif d'Dier opgemaach kréien. A gottseidank ass e Mënsch du komm, dee mer erkläert huet, wéi dat geet. Ech stoung u sech e bëssen topeg do an ech war frou, dass dee mer da gewisen huet, dass een do muss scrollen an da kann den Numm dohinnerkommen an da kann een do drécken an da mécht een d'Dier op. Et ass ee ganz neit, modernt Gebai.

Här President, dëst eng kleng Episod, wou ech – dat jo awer u sech mat Brëll relativ gutt gesäit an och

eenegermoosse gutt héiert, zwar e bësse manner wéi virun 20 Joer, an och un de Gebrauch vun Handy, Computer a Co gewinnt ass, also op d'mannst grondleeënd Notiounen am Ëmgang mat sou Technologien huet – mech gefillt hu wéi u sech den Ochs virum Bierg! An ech wëll net wëssen, wéi Leit, déi net gutt oder guer näischt gesinn oder och nach aner Beantwärdungen hunn, esou an aner Hürde vum deegleche Liewe bewältegen.

Wéi vill där Hürden et generell fir Leit gëtt, déi spezifesch Besoinen hunn, däärs ass ee sech net bewusst, soulaang een net selwer am Fall ass a soulaang een net eng Persoun a sengem noen Ëmfeld huet, déi dovunner betraff ass.

Suen op engem Bancomat ophiewen, um Busarrët wëssen, wéi ee Bus een elo muss huelen a wou ee muss eraklappen, iergendwou op eng Toilette goen oder awer Informatiounen nosichen, fannen a verstoen, Saachen, déi engem soss selbstverständlech sinn, kënnen fir anerer zu engem richtege „parcours du combattant“ ginn.

A well mir hei zu Lëtzebuerg d'Konventioun iwwert d'Rechter vu Mënsche mat engem Handicap ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn, mussen mer och derfir suergen, dass d'Mënsche mat spezifesch Besoinen oder engem Handicap voll a ganz hir Mënscherechter kënnen ausüben an och um politeschen, ekonomeschen, sozialen a kulturelle Liewe kënnen deelhuefen.

D'Direktiv, déi mer hei mat engem liichtem Retard ëmsetzen, soll also hëllefen, d'Accessibilitéit zu de Produiten an de Services ze verbesseren. Dësse Projet de loi ass an deem Sënn och complémentaire – an de Rapporteur huet dat gesot – zum Gesetz iwwert d'Accessibilitéit vun de Lieux ouverts au public, dat mer jo virun engem Joer gestëmmt hunn.

Fir d'LSAP ass dëst Gesetz – zesumme mat eeben deem Gesetz vum 7. Januar 2022 – e wichtegen, indispensable Baustee fir eng besser Inklusioun vu Mënsche mat spezifesch Besoinen an et ass dofir och evident, dass mir dësse Projet natierlech matstëmme an och fir eng séier a komplett Ëmsetzung suergen an déi ënnerstëtze wäerten.

Ech wëll dann nach eng Kéier dem Rapporteur Max Hahn Merci soe fir säi gudde Schrëftlechen a mëndleche Rapport an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. E grouesse Merci un de Rapporteur fir säi ganz gudden an och gutt erkläerte Rapport, deen et mer erlaabt, dass ech net méi vill muss soen. Och merci menge Virriednerinnen a Virriedner.

Mir setzen eng Direktiv ëm, déi sech ëm d'Produiten an ëm d'Services dréit. Déi ass complémentaire zum Accessibilitéitsgesetz, et gouf schonn e puermol gesot. An et ass wierklech an deem Esprit, dass mer hei ganz kohärent sinn. A wa mer vu Kohärenz schwätzen, ass et wichteg, dass ee wierklech hei déi europäesch Dimensioun vun där Problematik unerkennt. An Zäiten, wou mer keng Grenzen hunn, d'Mobilitéit grouss ass an och eebe Produiten enorm schnell tëscht de Länner wiesselen, ass et wichteg, dass mer hei kohärent sinn an eise Fonctionnement. An dat erfëllt dës Ëmsetzung vun der Direktiv, dat begrësse mer. An ech mengen, dass dat wierklech dat ass, wat déi betraffe Mënschen an dësen Zäite brauchen.

Mir grënnen heimadder och den Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services, e Guichet unique, dee sech un d'Opérateur-économique wennet an un d'Consommateuren an dee sech nottammend och ëm d'Statistike këmmert. An ech mengen, dass dat och ganz wichteg ass, dass een hei ëmmer kohärent Zuelen huet, fir dass mer wëssen, vu wat mer schwätzen.

An deem Sënn eng absolutt begrëssenswäert Direktiv, déi mir als Gréng ganz, ganz gäre matdroen! An ech ginn heimadder dann den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen, ech wëll och ufänken an dem Rapporteur Merci soen, dem Max Hahn, fir de Rapport.

Et ass am Fong egal, wéi vill Leit elo mat enger Behënnerung gehäit sinn, ob dat elo 50 Milliounen an Europa sinn oder 100 Milliounen an Europa sinn, de Punkt ass deen, dass mer mussen kucken, dass se sou gutt wéi méiglech kënnen um Liewen deelhuefen, sou wéi mir et da maachen, déi vläicht dann d'Chance hunn, dat net ze hunn. An dat gëtt hei mat dësem Gesetz verbessert an dat ass eng gutt Saach! Et soll een och bedenken, dass warscheinlech e groussen Deel vun eis alleguerten och eng Kéier an déi Situatioun kommen, wou se ageschränkt sinn a vläicht net méi goe kënnen oder soss Problemer wäerten hunn.

Ech wëll dann och op eppes nach hiweisen, wourop elo net higewise ginn ass, an dat ass am Fong, wou mer hei am Land och mussen eng gewësse Sensibilitéit derfir hunn: Et ass jo net esou, dass jiddwereen, wou mer hei driwwer schwätzen, an engem Rollstull setzt an doduerch ageschränkt ass, mee et si jo och aner Aschränkungen, Leit déi net gutt gesinn, Leit déi Sproocheproblemer hunn. A mir mussen hei am Land ganz besonnesch sensibel sinn eeben och op deem Punkt Sproochen a mir mussen drun denken, dass mer Informatiounen, déi mer hei am Land erausginn, zemoos vun offizieller Säit, an enger Virbildfunktoun och ëmmer sollen an deenen dräi administrative Sproochen erausgi ginn, och um Internet ugewise ginn, beim Staat, bei de Gemengen, a wa méiglech – an dat ass jo och en Zil – a Leichter Sprache, fir dass jiddwereen sou gutt wéi méiglech d'Saache ka verstoen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci. Als Alleréisch emol dem Rapporteur e grouesse Merci fir dee Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, mir wäerten als Fraktioun dat Gesetz, dee Gesetzesprojet do och matstëmme. Et ass alles vu menge Virriedner a -riednerin gesot. Duerfir, voilà, ganz kuerz, den Accord vun eiser Säit.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Här President, fir d'éischt soen ech dem Max Hahn Merci fir säi gudde Schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et gëtt vill verschidden Zorte vun enger Beantwärdung, engem Handicap. En Handicap ka mental oder

kierperlech sinn. E kann no baussen hi siichtbar sinn oder och net. Wann een da liest, dass méi wéi 80 Milliounen Leit, also ongeféier een op sechs, hei an der Europäescher Unioun ënner iergendenger Form vun engem Handicap leiden, dann ass et e groussen Undeel vun der europäescher Populatioun. Mee egal, ëm wéi eng Aart vun Handicap et geet, déi betrafte Persounen hunn et dacks schwéier am Liewen.

Firwat? Ma well eis Gesellschaft d'Leit mat engem Handicap dacks ongewollt vergiess huet. Dat ass natierlech net béis gemengt, mee deem muss een trotzdeem Rechnung droen, a vu politescher Säit ass et eeben eisen Deel, deen derzou muss bäigedroe ginn.

Persounen mat engem Handicap si genauou gutt en Deel vun der Gesellschaft wéi Leit ouni Handicap a mir mussen dowéinst och derfir suergen, dass si och trotz hirer Aschränkung un eiser Gesellschaft an um aldeegleche Liewe kënnen onageschränkt deelhuelen, ouni dauernd op iergendwelch Hürden ze treffen.

Mat deem heite Projet de loi setze mir eng EU-Direktiv ëm, déi fir méi eng grouss Accessibilitéit vu Produiten a Servicer fir Leit mat engem Handicap soll suergen. An dat ass och noutwenneg, well och Persounen mat engem Handicap hunn e Recht op en onofhängegt a selbstbestëmmt Liewen!

Ginn duerch d'Ëmsetze vun dëser Direktiv alleguerten d'Problemer direkt geléist? D'Äntwert ass Nee. Ech hat nach am November an enger Question parlementaire, der Nummer 7246, drop opmierksam gemaach, dass et zum Beispill hei am Land, wann een am Rollstull sëtzt, quasi onméiglech ass, mat engem Elektroauto ze fueren. An do huet den Här Turmes mer drop geäntwert: „Aktuell ginn et keng spezifesch Virgaben, fir Luedstatiounen fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel ze gestalten“, souwuel fir d'Parkplaze selwer wéi och den Display oder d'Utilisatioun vu sou Bornen. Et ass ee Beispill, wou vläicht nach keen dru geduecht hat virduen, fir déi och accessibel ze maachen. Mee zum Beispill Leit mat engem Handicap kënnen den Elektroauto net benotzen, well vu staatlécher Säit net virginn ass, dass déi Borne mussen deementspriedend ausgerüst sinn an déi Plaz hunn an déi Displayen.

Dat ass ee kleng Punkt, wou sécherlech kee béise Wëlle war, mee wou een awer am Alldag drop stéisst a wou een op esou Punkte muss nobesseren. Ech hoffen och, d'Regierung hëlt eng aner Positioun a wéi nëmmen, dass et aktuell keng Virgabe géif ginn. Mee ech hoffen, dass d'Elektromobilitéit sech herno u jidderee ka richten.

Mir maachen trotzdeem a ville Beräicher e ganz grouse Schrëtt no vir, e Schrëtt fir eng gläichberechtegt Gesellschaft. Dat Eenzegt, wat mir Piraten bedauern, ass, dass dëst Gesetz eréischt a méi wéi zwee Joer, also 2025, wäert a Kraaft trieden an dass et dann eng Période transitoire bis 2030 gëtt.

Mee ech soen Iech awer scho mol Merci, mir wäerten dësen Accord och haut matstëmmen. A mir freeën eis op d'Gesetz, an dass dann och déi kleng Feeler, déi nach an der Gesellschaft bestinn, zum Beispill zur Mobilitéit, och behuewe ginn. Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a

mëndleche Rapport. Merci och all de Riedner haut hei an der Chamber. Ech spieren, dass mer ons, mengen ech, eens sinn, duerfir brauch ech net ganz laang ze sinn.

D'Madamm Simone Asselborn-Bintz huet e Beispill gi vun Accessibilitéit, mee et gëtt anerer: Wann Der iergendeen elektrescht Gerät kaaft an Dir hutt eng Gebrauchsanweisung, déi Der net verstitt, Installatiounsweisungen, déi Der net verstitt, dann ass dat scho ganz komplizéiert. Elo kann et awer och sinn, dass Der zum Beispill op e Bancomat kënnst goen an engem Land, an engem aneren net, well et aneschters funktionéiert. An do geet et eebe grad drëms, an Europa d'Saachen och eenheetlech ze maachen, fir dass Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, sech och a ganz Europa zurechtfannen an dass se och kënnen a ganz Europa circuléieren an alles kënnen benotzen.

Bon, hei geet et natierlech ganz wäit bei deem European Accessibility Act. Et geet drëms, dass Computer- a Betriebssystemer accessibel ginn, d'Geldautomaten – dat hunn ech scho gesot –, awer och Smartphones zum Beispill, dass déi och méi accessibel ginn, d'Tëlee, d'Telefondéngschter, d'Noutrufnummer 112 zum Beispill, audiovisuell Mediendéngschter, Déngschtleeschungen a Loft-, Bus-, Schinnen- a Schëffsverkéier, Bankdéngschtleeschungen, E-Books, E-Commerce. Dir gesitt, dat ass ganz vast, dat geet ganz, ganz wäit an dat ass och gutt esou, well mer alleguerten Accessibilitéit brauchen!

Mir brauchen eenheetlech Ufuerderungen an der ganzer EU a mir mussen dat och dofir ëmsetzen. Mir si liicht a Verspéidung, awer glécklecherweis net ze vill. An ech sinn immens frou, dass dat Gesetz haut hei an der Chamber ka gestëmmt ginn.

Et gouf nach eng fakultativ Dispositioun iwwert d'Accessibilité de l'environnement bâti. Do ass déi gutt Nouvelle, dass mer dat schonn ëmgesat hunn, mam Gesetz, dat Dir de 7. Januar 2022 gestëmmt hutt, wou d'Accessibilitéit wierklech wäert garantéiert sinn hei am Land. An Zäit vun zéng Joer muss alles esou ëmgebaut sinn, dass et accessibel ass, an ech mengen, souwuel de Staat wéi och all déi aner mussen sech drun halen.

Wat ass beim European Accessibility Act interessant? Ech mengen, et ass gesot ginn: Et ass interessant, dass et europawäit ass. Dat heescht, et kann ee wierklech dran investéieren an et muss een net fäerten, dass iergendwéi en anere mat engem anere System kënnst, well de System muss esou sinn, dass en accessibel ass, an da kann en och a ganz Europa dee Moment gebraucht ginn.

Dir hutt et och gesot, den OSAPS wäert gegrennt ginn, dat ass den Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services, deen da wierklech wäert och sécherstellen, dass alles wäert accessibel sinn. An dat ass genau dat, wat mer wëllen am Zeeche vun der UN-Behënnerterechtskonventioun, déi mer ënnerschriwwen hunn: dass mer méi accessibel ginn, fir ons alleguerten! Well et betrëfft ons alleguerten an net nëmmen déi Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, mee et betrëfft ons alleguerten. Et ka muer fir ons alleguerte sinn. An dofir soen ech Iech elo scho villvillmools Merci fir Är Zoustëmmung.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7975. Den Text steet am Document parlementaire 7975⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7975 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7975 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7883 – Proposition de loi portant modification 1^o de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de technologie de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ; 2^o de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Mir kommen elo zum nächste Punkt um Ordre du jour, der Proposition de loi 7883 iwwert den informatischen Ekipement an de Primärschoulen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dëser Proposition de loi, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Mme Martine Hansen (CSV), auteure-rapportrice | Merci, Här President. De 14. September 2021, matzen an der Covidkris, an där Zäit, wou och vill Home-schooling war, hunn ech dës Gesetzespropositioun deposéiert, mam Zil vu méi Chancégerechtkeet queesch duerch d'Land.